Bulletin de la Fondation Luxembourg - El Salvador
September 2019 LI/3

# El Salvador - Luxembourg

## « E Weekend am Zeeche vum Abbé Henri Gloden a sengem zweeten Heemechtsland El Salvador »

INVITATION

## EXPOSITION

EN L'EGLISE DE HESPERANGE

**VERNISSAGE LE 04 OCTOBRE 2019**

**A 18H00**

OUVERT LE 05 ET 06 OCTOBRE

DE 10H00 À 17H00



*LA FONDATION LUXEMBOURG - EL SALVADOR ET LAURENT BLUM PRESENTENT*

## EL SALVADOR
*et ses images*



## EL SALVADOR

LAURENT BLUM, CRÉATEUR D'IMAGES, A SUIVI AVEC SA CAMÉRA LES ACTIVITÉS ET LES PROJETS DE LA FONDATION LUXEMBOURG - EL SALVADOR ET DU PADRE ENRIQUE.

EN DATE DU 04 OCTOBRE 2019 UNE EXPOSITION DE PHOTOGRAPHIES SERA INAUGURÉE EN PRÉSENCE DE L'ABBÉ GLODEN.

LES PHOTOGRAPHIES ET UN LIVRET DOCUMENTANT LES IMPRESSIONS DU VOYAGE SERONT VENDUS AU PROFIT DE LA FONDATION.

**FONDATION LUXEMBOURG - EL SALVADOR**
ETABLISSEMENT D'UTILIÉ PUBLIQUE
30, RUE J.P. BECKIUS L-6771 MERTERT
TÉL. 00352 748093 MAIL: LUXELSA@PT.LU
WWW.ELSALVADOR.LU

# « 50 Joer am Dingscht vun an an El Salvador »

**Léif Leit,**

Den 23. August 1969 ass den Henri Gloden an El Salvador gelant, an zanterhier huet hie sech als Priester ganz an den Dingscht gestallt vun deem Land, wat seng zweet Heemecht gouf. Hien huet als Paschtouer an der Por Natividad zu Santa Ana ugefaang. Hei huet hie sech gläich agesat fir  Bauereleaderen a Katecheten auszebilden, sech ëm Familljepastoral (Marriage Encounter) gekëmmert, an déi päpstlech Missiounswierker ënnerstëtzt. Duerno war hie während 26 Joer Spiritual am Seminär San José de la Montaña zu San Salvador, huet Spiritualtheologie, Priester- a Beruffspastoral dozéiert, a war Member vum Priesterrot vun der Diözes Sonsonate. Hien huet eng ganz Rei Texter publizéiert iwwer Gebied, Sexualitéit a Spiritualitéit, Beruffung fir Priester, Schwësteren a Missionären asw, huet joerelaang Radiosendunge produzéiert, jee, et ass net einfach esou kuerz säi Wierken ze skizzéieren. Awer eppes ass him en Häerzensuleies: de Priesterberuff an d'Ausbildung vu Seminaristen. Esou ass hien och nach haut Padre espiritual vun däer neier salvadorianescher Ordenspriestergemeinschaft Misioneros de Cristo Crucificado: eng 50 jonk Seminaristen, déi hie mat Leidenschaft a sengem Privatverméigen ënnerstützt.

An de  70er Joeren ass de Retraitenzentrum zu La Majada gebaut ginn.  Hei fannen haut nach regelméisseg Seminare mat a fir Jugendlecher an Erwuessener statt. An den 90er Joere war et de Bau vum Kannerheem mat den Atelieren zu Santa Ana. Doriwwer eraus huet hie ganz ville Kanner a Jonken op e bessere Wee verhollef, vill Leit bei Naturkatastrophen ënnerstëtzt, aarmen  a kranke Leit gehollef, an déi néideg medezinesch Versuergung finanzéiert. Aarm Studente krute mat senger Hëllef eng Bourse, fir hir Studien ze finanzéieren. 2012 gouf zu San Salvador mat senger Hëllef a Fraenhaus opgemaach, dat vun Ordensschwëstere geleet gëtt, a Fraen a Mammen an Nout en Ënnerdaach bidd.

Déi divers Projeten, déi eis Fondatioun an El Salvador an all deene Joeren realiséiert huet (dat nëmme, well mir op iech, spendabel Donateuren, ziele konnten) huet den Henri begleet:  d'Kannerhaus mat sengen Atelieren, de Mëllechprojet zu Usulatán, d'Fraenhaus, de Projet El Jobal mat 100 Haisercher op der Insel, déi nei 100 Haisercher ronderëm San Agustin, fir nëmmen déi ze nennen.

Dat muss ee sech op der Zong zergoe loossen: 50 Joer Schaffen an engem vun den ärmsten a geféierlechste Länner vun der Welt, wäit fort vun doheem..... Chapeau Heng!  Merci fir déi wäertvoll Aarbecht. Dios se lo pagara!

An elo hoffe mer, dass Du et hikriss, zesumme mam Edgardo Siciliano, dem President vun der Fondación La Sagrada Familia, den 28. September um Findel aus dem Flijer ze klammen, a mat eis  de Weekend vum 4. 5. a 6. Oktober am Zeeche vun El Salvador zu Hesper ze feieren:

Vernissage vun der Fotoausstellung (Fotos Laurent Blum) freides, 4. Okt. 1800h an der Hesperkierch, Mass mam Henri Gloden samschdes, de 6. Oktober um 1800 h an der Hesperkierch, Ausstellung samschdes de 5. a sonndes, de 6.Oktober vun 1000h bis 1700 h an der Hesperkierch.

Dir sidd all häerzlechst invitéiert.

Roland Milbert, President






















# 23 de Agosto de 1969

# 50 AÑOS



# EN EL SALVADOR

# 23 de Agosto de 2019

# ¡GRACIAS PADRE HENRI!

# « 50 Jahre Priester in El Salvador »

Am 23. August sind es 50 Jahre her, dass ich als junger Priester zum ersten Male in El Salvador gelandet bin. Ein halbes Jahrhundert!
Es tut mir nicht leid. Es hat mir NIE leid getan, selbst in den schwersten Zeiten meines oft turbulenten Lebens.
Sie kennen meine Geschichte: ich wollte nicht Priester werden.
Als licencié en sciences politiques war meine Wunschvorstellung ein Leben in und um die Politik. Aber Gott wollte das nicht. Gott raubte mir meine Träume.
Es schien mir irrsinnig. Und doch sollte es der Sinn meines Lebens werden.
Solo gracias a Dios, Dank und Ehre sei Gott allein, Ihm allein.
Irgendwie „malgré moi“ Richtung Zukunft, Richtung 50 Jahre in El Salvador, für Jesus und für die ärmsten Menschen.
Schon als junger Priester schwebte ich ein Jahr lang in der Welt herum, fand keinen Landeplatz, weder in Bolivien mit La Paz, Oruro und Cochabamba, noch in Lima in Peru. Lebenskrisen bestimmten mein Dasein. Bis El Salvador mir zur Großliebe meines in Gott gelebten Eros wurde, im Dienste Gottes und im Dienste der Menschen. In diesem von Guerillakrieg, Naturkatastrophen und Armut zerrissenen Land fand ich die Aufgabe, für die Gott mich berufen hat.
Hier fand ich die Menschen, die Freunde, die „fils spirituels“, die geistige Atmosphäre, die helfen, mein Priestersein Gottergeben zu leben. Hier fand ich eine zweite Heimat. Danke für Ihre Gebete, vor allem dafür, dass wieder mehr junge Frauen und Männer den Ruf Gottes hören und annehmen, und als Ordensschwester oder als Priester sich von Gott leiten lassen im Dienste der gesamten, allzuoft perspektiv- und hilflosen Menschheit.

Ihr henri gloden

## « Save the date »

Léif Frënn,

Dëst Joer ass alles e bëschen aanescht, an dat aus engem gudde Grond:
Mir wëlle mam Abbé Henri Gloden säin 80. Gebuertsdag a seng 50 Joer Präsenz als Missionar an El Salvador feieren.
Hien ass primero Dios mam Edgardo Siciliano vum 29. September bis den 10. Oktober hei zu Lëtzebuerg. Duerfir hu mir als Fondatioun de Weekend vum 4., 5., a 6. Oktober virgesinn, fir mat hinnen zesummen e puer Evenementer ze erliewen. Dat alles an der Hesper Kierch.
De 4. freides um 1800 h ass de **Vernissage vun der Fotosausstellung** an der Hesper Kierch.
De 5. samsdes um 1800 h feiert de Padre Enrique mat senge Frënn a Familljen d'**Mass an der Hesper Kierch**. D'Chorale vu Fenténg iwwerhëllt de gesanglechen Deel, op der Uergel begleet vum Organist Romain Ludwig.
De 6. sonndes ass de ganzen Dag d'**Fotosausstellung** ze besichen.

**Dir sidd alleguer häerzlechst invitéiert, mat eis zesummen ze feieren.**


## Kontakt

**In Luxemburg:**

Fondation Luxembourg - El Salvador
30, rue J.-P. Beckius, L-6671 Mertert
Tel. 74 80 93
Internet: www.elsalvador.lu
E-Mail: luxelsa@pt.lu
CCPL - LU73 1111 2119 9449 0000
BILL - LU47 0024 1691 8554 5100

Bei der Fondation handelt es sich um eine staatlich anerkannte Stiftung. Spenden sind gemäß den gesetzlichen Bestimmungen steuerlich absetzbar.

**In El Salvador:**

Padre Enrique Gloden
Hogar Amor y Esperanza - Apartado 48
Santa Ana / El Salvador / Centroamérica
Tel. 00503 79 25 06 18
E-Mail: glodensch@yahoo.com
CCPL LU59 1111 0369 1656 0000
(Postscheckkonto von Henri Gloden, Mertert)

**https://www.facebook.com/hellefelsalvador**



## Impressum

**El Salvador - Luxembourg**

Bulletin de la Fondation Luxembourg - El Salvador; paraît au moins quatre fois par an.

*La Fondation a pour objet de promouvoir et de soutenir, par des aides matérielles ou autres, toute activité sociale et éducative dans l'intérêt de la population en détresse dans le pays d'El Salvador (Amérique Centrale) et plus particulièrement dans l'intérêt des enfants et adolescents dans le Foyer d'enfants «Amor y Esperanza» initié par lAbbé Henri Gloden à Santa Ana (El Salvador).*